N°4489
Entrée le 17.07.2026
Chambre des Députés
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Claude Wiseler
Luxembourg, le 17.07.2026
Chambre des Députés

DEMOKRATESCH PARTEI

Chambre des Députés
Groupe Parlementaire

Här Claude WISELER
Chamberspresident
LËTZEBUERG

Lëtzebuerg, de 17. Juli 2026

Här President,

Esou ewéi den Artikel 80 vum Chambersreglement et virgesäit, biede mir Iech, dës parlamentaresch Fro un d'Madamm Justizministesch an un den Här Inneminister weiderzeleeden:

„D'Police grand-ducale huet an de leschte Méint hir Präsenz souwéi hir geziilt Kontrollen an der Stad Lëtzebuerg verstäerkt. Dës Efforten hunn zu enger Rei Festname gefouert. Eleng tëscht Januar an Enn Juni 2026 goufe landeswäit 148 Persounen am Zesummenhang mat Drogenhandel festgeholl.

An deem Kader wollte mir der Madamm Justizministesch an dem Här Inneminister follgend Froe stellen:

- Wéi vill vun deenen 148 Persoune befanne sech aktuell an Untersuchungshaft ?
- A wéi ville Fäll goufen d'Persounen — mat oder ouni Kontrollmesuren — nees op fräie Fouss gelooss ?
- Wéi vill Zäit ass am Duerchschnëtt tëscht der Festnam an der Fräiloossung vergaangen ? Wéi vill vun de concernéierte Persoune goufen am weidere Verlaf vun der Prozedur nach eng Kéier virgelueden oder verhéiert ?
- Wéi vill vun de fräigeloossene Persoune goufen duerno wéinst neien Delikter nach eng Kéier festgeholl ?
- Wéi vill vun de concernéierte Persoune waren zum Moment vun hirer Festnam scho wéinst änlechen Delikter virbestrooft ?
- Wéi vill vun dëse Prozeduren hunn zanterhier zu enger Verurteelung gefouert ?
- Wéi vill vun deenen Affäre goufen ouni Suivi klasséiert, an aus wéi enge Grënn ?"

Mat déiwem Respekt,

Corinne CAHEN
Deputéiert

Marc HANSEN
Deputéierten

Guy ARENDT
Deputéierten

Groupe Parlementaire du Parti Démocratique
9, rue du St. Esprit • L-1475 Luxembourg
Tel: 22 41 84 1 • dp@chd.lu • www.dp.lu